déi Konservativ

Pressematdeelung

23.04.2019

Eis Partei an déifster Trauer: Äddi Groussherzog Jean!

Haut um 23. Abrëll 2019 erfuere mir déi traureg Neiegkeet, datt eise fréiere Staatschef, de Groussherzog Jean verstuerwen ass. D'Fändele stinn op Hallefmast, d'Natioun ass a gréisster Trauer, a mat hir, och déi konservativ Partei: Mir drécken dem groussherzoglechen Haff, eist déift Bäileed aus!

Wa mir dem Groussherzog Jean Äddi soen, da mam gréisste Respekt fir seng joerzéngtelaang Regentschaft, säin zäitliewenden Déngscht fir d'Land, an all seng geschate Verdéngschter, besonnesch säi militäreschen a patrioteschen Asaz am 2. Weltkrich - mat un der Säit vun den Alliéierten - fir d'Befreiung vu Lëtzebuerg.

Als Partei, déi mir eis ëmmer trei zum Land, zur Monarchie, an zur Kroun bekannt hunn, trëfft et eis zudéifst, de Verloscht vun engem esou grousse Staatsmann. Hien hélt mat sengem Dout, eng éierbar an onvergiesslech Plaz, an der Geschicht vu Lëtzebuerg an.

gezeechent,

déi Konservativ